Text: Philippe Beck

Voices International –
Pionéier ënner de Chéier

Säit 1997 begeeschtert de Chouer *Voices International* Mënsche vu verschiddenen Nationalitéiten a rassembléiert ronderëm d'Musek, dat iwwert d'Sproochegrenzen a Generatiounen ewech – op der Bün wéi am Publikum. Haut zielt de Chouer iwwert 100 Memberen a séngt zwou Saisonen d'Joer. Gespréich mam eenzege verbleiwende Grënnungsmember, dem Jij Linster.

© Vic Fischbach

Wat kënnt Dir eis zu den Ufäng vu *Voices International* soen?

1997 ass de Chouer entstanen an zwar war et esou, wéi et zu Lëtzebuerg ëmmer leeft: Ech hunn déi deemoleg Museksproff an der *American International School of Luxembourg* an eis spéider éischt Dirigentin vum Chouer, d'Peggy Jenks, kenne geléiert wéi mir zesummen op enger Museksrees ware vun der Bouneweger Musek, wou ech déi Zäit am Comité war. Op der Rees hu mir vill geschnësst, a si sot, si géif e Musical an der AISL opféieren.

Et war de Musical *Oklahoma*, deen am Kolléisch opgefouert gouf, an ech war am Chouer derbäi. An nom Concert hu mer eis zu puer Erwuessener gesot: "Et wier jo flott wa mer kéinte weider zesumme sangen!" An d'Peggy sot: "An ech hätt ëmmer gären e Chouer mat Erwuessene gehat..." Sou ass et ugaangen, zu enger Dose motivéiert Sänger. Den éischte Concert hate mer mat Studente vun der AISL zesummen. Dat war stresseg a gläichzäiteg immens. Bis haut besteet nach eng Bezéiung tëschent dem Peggy an eis, an d'Peggy kënnt haut nach geleeëntlech aus Amerika zréck an dirigéiert dann e Stéck. Haut sinn ech den eenzege Grënnungsmember, deen nach derbäi ass. De Chouer ass och e bësse mäi Bëbee.

Wat zeechent de Chouer *Voices International* aus?

Éischtens besteet de Chouer natierlech aus vill verschiddenen Nationalitéiten. Niewent mir als Präsidentin – seet de Geck! – refletéiert de Comité déi Diversitéit och: Lëtzebuerg, England, Kanada, Philippinnen, Italien, Belsch, Däitschland, Holland a Polen si representéiert. No der Amerikanerin Peggy Jenks hate mer als Dirigent fir e puer Joer de Lëtzebuerger Jean Schumacher, dunn de Fransous Thomas Raoult, mat deem mir de Misa Tango gesongen hunn, an haut hu mer de Kanadier James Libbey. Eppes aneres wat eis ausmécht ass, datt mir bal alles auswenneg sangen. Dat erlaabt et Choreographië mat anzebauen. Dat schaaft

© Vic Fischbach

eng Dynamik, déi typesch fir eis ass. Fir Chrëschtdag hu mer z. B. bei puer Lidder an der Kierch tëschent de Leit gesongen. Bei anere Geleeënheete komme mer am Ufank op d'Bün, oder ginn zum Schluss duerch d'Leit eraus. Fir eis wéi fir de Publikum ass dat natierlech extreem beréierend, an aneschters wéi een et kennt.

Wat sinn Optrëtter oder Stécker, déi de Chouer markéiert hunn?

Misa Tango war e grousst Wierk, dat mir mat engem kompletten Orchester opgefouert hunn. Kee Stéck also fir eng Choregraphie! Mir hunn dat hei zu Lëtzeburg als Première opgefouert an duerno hate mir d'Chance, zu enger Dose kënnen op Wien ze fueren, fir dat selwecht Stéck mat Leit aus anere Chéier ze sangen. Dat war fir eis all eng immens Erfarung! 2012 hu mer zu New York bei der UNO gesongen. Dann hu mer och eng Kéier spontan an der Stater Gare gesongen, eng aner Kéier am Märeler Park - wonnerbar Momenter! Dann natierlech de *Jubilate Deo* vum Dan Forrest, dee mer fir eis 25 Joer gesongen hunn...

Dir hat d'Geleeënheet, lescht Joer déi 25 Joer ze feieren...

Jo, lescht Joer hu mer eis 25 Joer gefeiert. Dat war am Conservatoire, och zesumme mat Musek, an zesumme mat engem jonke Chouer vu Kanner a Studenten aus der International School, an e Chouer bei deem och Refugiéen derbäi waren. Dat ass schonns eppes Besonnesches! Wat een do gesinn huet ass genau dat, wat mech och ëmmer erëm um Chouer, bei deem begeeschtert: Datt een iwwert déi grouss Léift vun der Musek esouvill verschidden Nationalitéite kann zesumme bréngen! Dës Saison goufe mer iwwerrannt a sinn elo zu méi wéi 100!

Wat erwaart d'Leit dann, déi nei an de Chouer kommen?

Virun allem versiche mer eise Leit esou vill wéi méiglech Outilen ze ginn. Musikalesch z. B. schaffe mer mat „Practice Tracks", d. h. d'Leit kréien op eiser Internetsäit, wou si sech als Member aschreiwen, all musikalesch Hëllefen. Et kann een nolauschtere wat ee sange muss. Eisen Dirigent huet elo och op Basis vu Partiture Videoe gemaach, wéi een übe soll. A wann am Chouer een d'Sprooch vun engem Stéck kann, da maache mer eng Audio-Datei op där den Text geschwat gëtt. Am Dezember hu mer iwwregens en ukrainescht Chrëschtlidd *Carol of the Bells* (vill Leit wëssen net, datt dat am Original en ukrainescht Lidd ass, mam Titel *Shchedryk*) gesongen, an et waren Ukrainer am Publikum, déi dat mat Tréinen an den A matgesongen hunn.

Ech war virdrun nach a kengem Chouer, mee war am Conservatoire an enger klassescher Gesangs-

© Vic Fischbach

ausbildung. Hautzedaags hunn der vill an engem Chouer gesongen an deemno Erfarung, niewent der Hëllef déi se kréien. Et gëtt vun engem erwaart an der Prouf prett ze sinn, déi mer d'Zäit virum Concert zweemol d'Woch hunn. Dobäi kënnt d'Choreographie, déi och geüübt wëll sinn. Virun der Pandemie hate mer och Workshoppen, déi mer elo erëm ufänken. Dat mat engem Buffet, fir dee jiddereen eppes aus sengem Land matbréngt. Et sinn alles Momenter, déi Freed maachen!

Wärend der Pandemie stounge mer doheem mat Kamera a Kopfhörer, jidderee fir sech. Fir spéider de Rhythmus d'selwecht hin ze kréien, dat war net evident! An dach hu mir et fäerdeg bruecht fir *No Time* opzehuele mat allen Hëllefsmëttelen, déi déi modern Technologie eis offréiert. Dat war ustrengend, mee „We did it!". Och ware mer déi Zäit gefrot gi, fir um Relais de la Vie ze sangen. Covid huet eis e Stréch duerch d'Rechnung gemaach, och der Fondatioun! Um Enn hu mer d'Stéck opgeholl an et gouf op der Zeremonie agespillt. A wa mer an der Pandemie live geprouft hunn, da mat Mask. Do ass et natierlech net opgefall, wann s de däin Text net konnts! D'Covid-Zäit war net einfach, mee mir hunn et gutt iwwerstanen. Fir eis, den Dirigent James an de Comité gouf et keng aner Optioun : „Mir wëlle sangen!".

Wéi funktionéiert Dir intern, wat gëtt et vu Funktiounen, vu Rollenopdeelung?

Am Comité hu mer zwee Sekretären, e Keessier, e Vize-Präsident, ee fir eis Websäit ze geréieren, eng Persoun fir eis sozial Medien. Dann hu mer Whatsapp-Gruppen, och fir déi verschidde Stëmme mat sougenannte Section-Leaders. An d'Stëmmen üben och mol ënnert sech, a sougenannte Sectionals: wärend der Prouf, oder tëschent de Prouwe bei engem doheem dee Plaz huet. Da gëtt et am Chouer Teams, fir Sponsoring, sozial Medien, de *Birthday Drink* all Mount... An de *Buddies*, deene kann ee Froe stellen déi een elo net direkt un de ganze Grupp géif stellen.

Wéi kuck Dir haut op *Voices International*, an op d'Zukunft vum Chouer?

Viru 25 Joer wat dat, wat mir gemaach hu, ganz, ganz nei. Haut ass dat anescht. Trotzdeem hu mer haut méi wéi 100 Leit, vum Student... bis bei mech. Mee och dat ass „great!"... Mat esou vill Leit, altersméisseg, mat verschiddene Nationalitéiten, verschiddene Kulturen. Dat ass fir mech ganz perséinlech immens wichteg. Et ass de Message dee mir als *Voices International* och wëlle matginn: Musek verbënnt!

Philippe Beck

ist als Berater im Bereich Öffentlichkeitsarbeit tätig und beschäftigt sich nicht nur im Rahmen seiner beruflichen Projekte leidenschaftlich mit aktuellen Themen des Zeitgeschehens.

D'Jij Linster (1. Rei, 7. vu lénks) an de Chouer Voices International haut.